N°7001
Entrée le 14.10.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.10.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/10/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bildung & Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

Honnerte vu Mënschen aus der Ukrain hunn am Moment hei zu Lëtzebuerg een Ënnerdaach misste fannen, wéinst dem russeschen Ugrëffskrich. Dës Leit hu sech hiert Liewen an der Ukrain opgebaut a sinn do an d'Schoul an/oder op d'Uni gaangen. D'ukrainesch Schüler wëllen hire schoulesche Parcours zu Lëtzebuerg dann och weiderféieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi sinn d'Virgabe fir d'Unerkennung vun ukrainesche Grond- a Lycéesdiplomer?
2. Wéi sinn d'Virgabe fir d'Unerkennung vun den Diplomer vun ukraineschen Universitéiten?
3. Wéi laang sinn d'Delaie fir d'Äntwert op Demandë fir eng Unerkennung de Diplomen am Moment?
4. Wéi vill Demandë vun ukrainesche Staatsbierger no enger Unerkennung goufe bis ewell ofgeleent oder net am ganze Moss unerkannt?
5. Si Méiglechkeete virgesinn, fir zum Beispill iwwert Tester, fräiwëlleg kënnen nozeweisen, dass eng Persoun ee gewësse schouleschen Niveau huet ?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten